N°190
Entrée le 17.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Iwwert de Subside Qualité+ gi Sportsveräiner, déi Sport fir Kanner ënner 16 Joer ubidden, finanziell vum Staat ënnerstëtzt. Durch d'Subside kënnen déi lokal Veräiner de Sport zu engem méi gerénge Präis fir eng breed Bevölkerung ubidden. Leider ginn et momentan awer Problemer beim Ausbezuele vun de Subside vun der Saison 2022-2023.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Vergaangenheet goufen des Subside spéitstens Ufanks des Joers ausbezuelt. Kann de Sportminister confirméieren, dass dat och elo Ufanks 2024 de Fall wäert sinn oder ob et eventuell Problemer gi beim Ausbezuele vun dëse Subside fir d'Saison 2022-2023?

2. An der Vergaangenheet ass et oft zu Depassementer vum ageplangte Budget fir de Qualité+ komm.
    - Wéi vill vum ageplangte Budget gouf schonn ausginn?
    - Wäert et och fir d'Joer 2023 nees zu engem Depassement kommen? Falls jo: Vu wat fir engem Montant geet de Sportminister do aus ?

3. Bis wéini kënnen d'Veräiner domat rechnen, dass de Subside Qualité + an de Subside ordinaire fir 2023 ausbezuelt wäerte ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten